



# Mir sichen fir d'Kannerhaus Capellen/ Itzig

## Assistant pédagogique (m/w)

### (Pédagog, assistant social, éducateur gradué m/w)

20-40 Stonnen/Woch CDI (Ref: AP/KHI/KHC)

#### Är Missiounen:

- Dir sidd responsabel fir d'Planung an den Suivi vun den Hëllefpläng an den Falldokumentatiounen,
- Dir begleet a berod d'Equipen bei der Ëmsetzung vum pädagogeschen Konzept,
- Dir schafft am individuellen Setting mat Kanner an hierer Famill,
- Dir koordinéiert d'Kooperatioun mat de Familljen an externe Servicer,
- Dir intervenéiert a Krisesituationen.

#### Äre Profil:

- Dir hutt een a Lëtzebuerg unerkannten Diplom an verfügt iwwert Zousatzqualifikatioune déi fir deen Beräich interessant sinn,
- Dir hutt minimum 5 Joer Berufserfahrung,
- Dir kënnt Lëtzebuergesch, Däitsch an Franséisch schwätzen, all aner Sprooch ass vu Virdeel,
- Dir kennt den Aarbechtsskader vum "Aide à l'enfance et à la famille" Gesetz, souwéi d'Virgaaben vun der "convention cadre", an wéist déi am Alldag ëmzesetzen,
- Dir sidd strukturéiert, organiséiert an kënnt gutt observéieren,
- Dir sidd kompetent an der Entwécklung, Duerchféierung an Berodung vun Strategien bezüglech individueller Hëllefsmoosnamen,
- Dir kënnt eng fachlech Dokumentatioun vum Hëllefplangprozess opstellen,

Schéckt eis Är Kandidatur mat Referenz, CV, Diplom, Foto a Motivatiounsbréif.  
(bei enger Astellung froen mir de Casier judiciaire)



[jobs@arcus.lu](mailto:jobs@arcus.lu)



**arcus asbl - Service Recrutement**  
2, place de Strasbourg  
L-2562 Luxembourg



[www.arcus.lu](http://www.arcus.lu)